

Vun der Garage zum Chalet

Begeeschterung eleng geet net duer. Et brauch een och déi néideg Infrastrukturen. Den éischten Ënnerdaach fir d'Suessemer Guiden a Scouten war dem Paschtouer seng Garage, also e Versammlungsraum 3 X 4,5 Meter grouss a knapps 2 Meter héich mat engem rauem Betonsbuedem. Awer daat huet der Begeeschterung net geschued.

No der Garage hu mier eis am nächste Joer wiesentlech verbessert. Mat Hëllef vun der Gemeng Suessem hu mer en neit Doheem fonnt am Keller vun der Primärschoul. Elo hate mer zwee Säll an 10 X méi Plaz.

De Wunsch vun de Suessemer Guiden a Scouten war et schons laang en eegene Chalet ze kréien. No der Grënnung vun de „Frënn“, fir déi esou een Home fir de Suessemer Grupp en Hauptuleies ass, huet deen Dram schon vill méi konkret Formen ugeholl.



Éischt Schrëtt an déi Richtung war e Kontakt mam Ministère du Logement fir de Bauerehaff beim Schlass als Home ze notzen. De Suessemer Grupp huet op den 01.05.1994 e Bail ënnerschriwwen dee net a Kraaft getrueden ass well op Säiten vum Ministère keng Ënnerschreffft erfollegt ass. Verschidden Aarbechten goufen nach um Haus gemaach (z.B. eng Diir gouf agesat) mee de Projet stong vun Ufank un ënnert kengem

gudde Stär; den Staatsarchitekt huet festgestallt dat d'Gebai an engem desolaten Zoustand waren. Et hätten 38 Milliounen Frang missen investéiert ginn.

1999 hat de Schäfferot dun d'Iddi fir d'Annexe vum Schlass (de Pavillon) fir d'Guiden a Scouten an d'Rei ze setzen. Leider huet de Staat als Propriétaire dat net esou verstanen an huet dunn am Februar 2001 matgedeelt datt dëst Gebai virgesinn ass als Wunnraum fir d'Demandeurs d'Asyl



De Luss, eise Gruppechef, hat dunn d' Idee fir en Terrain ze sichen. Nodeems hien bei der Gemeng an der Kiirchefabrik gefuerscht huet ass neess neie Schwong an d'Saach komm. Den Abbé Fisch René huet eisen Raro-Chef Bruno Winter drop higewisen datt d'Kiirchefabrik de Guiden a Scouten eng Bauplaz an der rue de la Fontaine kéint iwuerloossen. Dëst wier ëmsou méi interessant well déi Responsabel vun der Gemeng scho viru Joren gesot hunn: „Wann dir en Terrain hutt, da baue mir.“ Mee och hei ass ërem méi driwwer geschwaat a wéineg konkretes dorausser ginn.

Wéi de Luss, am Joer 2000 an d'Bautekommissioun komm ass, war et net schwéier fir hien ze kucken, op d' Gemeng en Terrain hätt deen a Fro géif kommen. Kuerz drop war déi ideal Plaz fir de Chalet ze bauen du fonnt an zwar „direkt virun der Hausdiir“ an der Schlassstrooss niewend dem Kulturzenter. Elo huet et geheescht Pläng auszeschaffen. De Reiser Scouts-

Chalet huet den Nico Warnier als Modell geholl fir en neien Entworf ze zeechnen. Déi Pläng huet de Luss net méi gesinn; no kuerzer mee schwéierer Krankheet ass hien bei säin ieweschte Chef geruff ginn.

Am Februar 2002 hunn sech e puer Frenn, Chef a Cheftainen zesumme gesat mat der Devise „E Chalet elo oder ni“. Dat woren Luc Derume, Nico Flick, Edy Maack, Norbert Pater, Eliane an Nico Warnier, Bruno Winter.

Bei enger éischer Entrevue op der Gemeng den 22.04.2002 sinn eis Pläng dem Schäfferot présentéiert ginn. Et ass festgehale ginn datt d’Gemeng sech et net kann erlaben all Grupp aus der Gemeng e Chalet ze bauen. Doropshin huet de Suessemer Grupp sech mat den nopesch Truppen zesumme gesat an de Chalet am Détail erklärt. Et ass en Accord fonnt ginn, och si hunn agesinn dass déi Suessemer dës nei Infrastrukturen am dréngenste brauchen. No weideren Entrevuën op der Gemeng an op der Bauplaz selwer, ass bestëmmt ginn datt d’finanziell Mëttelen zu 50% vum Staat an zu 50% vum der Gemeng gedroe ginn, bis maximal 744.000 €, wat doriwwer eraus geet muss vum Bauhär (de Frënn) opbruecht ginn. Nodeems en definitiven Projet am Schäffen- a Gemengerot eng leschte Kéier virgestallt ginn ass, ass de Chalet den 28.03.2003 unanime gestëmmt ginn



Et ass weider gaang, et goufen vill Devis’ën ugefrot an duerchdiskutéiert, Konventiounen opgesaat an no 10 Joer Viraarbecht war et den 12.01.2004 esou wäit: De Bagger huet déi éischt Schëpp Buedem erausgestach.

D’Bauplaz am Februar 2004



Déi éischt Dall...



...gëtt gegoss.



Den éischte Stack ass gebaut...



... an am Abrëll 2004 kënnit schons déi zweet
Dall drop.